



WANTERZÄIT ASS KÄERZENZÄIT!

*Käerze selwer géissen ass méi einfach, wéi dir denkt:
Fir d'alleréischt Käerzereschter net ewechgeheien,
mee halen – esou spuert dir Suen an et ass och
nach ekologesch.*

*Fir gemittlech Owender mat der Famill oder e klenge
Kaddo – individuell Käerze loosse sech ganz einfach
hierstellen, an ärer Kreativitéit si keng Grenze gesat.*

Tipp 1: Et muss ee genuch
Käerzereschter sammeln. Frot
bei Frënn oder bei der Famill no!

Tipp 2: Zortéiert är Reschter
direkt de Faarwen no. Esou
gesitt dir direkt, wéi vill Faarwen
dir hutt. Dir kënnt natierlech
och verschidde Faarwe beim
Schmëlzen zu neie Faarwe
mëschen.



D'WICK SELWER MAACHEN!

Dir braucht méi en décke kottengs Fuedem. Passt just op, dass
en aus rengem Kotteng ass. Taucht äre Fuedem a flëssege
Wuess a waart, bis e sech vollgesuckelt huet, d. h., wann
eng kleng Wuessschicht ronderëm ass. Duerno kënnt dir är
„Käerzewick“ riicht ophänken a se dréchnen loossen.

MIR MAACHE KÄERZEN!

Dir braucht:

- Käerzereschter
- eng Wick (dir kënnt déi selwer maachen)
- Toilettërollen
- eng Kasseroll
- al Plastikdëppercher oder metalle Béchsen
- Kartong
- eng Pechpistoul

A lass:

Fir d'éischt pecht dir d'Wick an
der gewënschter Längt mat
der Pechpistoul op de Kartong.

Dono stellt dir den Toilettërollu
driwwer a pecht en och liicht
un de Kartong un. D'Wick kënnt
dir un en Zanstoche oder e
Bläistëft ustrécken, soudass en
an der Mëtt vum Rullo bleift.
D'Käerzereschter am Plastik-
dëppchen oder an der Béchs
um Bain-marie (an enger Kas-
seroll mat waarmem Waasser)
schmëlzen an dann an den
Toilettërollu schëdden. Wann
d'Käerzen ofgekillt sinn, kann
een den Toilettërollu einfach
erofzéien.

Dat selwecht kënnt dir na-
tierlech och mat Gleser
maachen, wou dir de Wuess
draschëtt. Wann de Wuess
ofgekillt ass, kënnt dir d'Glas
schéin dekoréieren.

Eng aner Variant si Schwam-
mkäerzen! Dofir braucht dir
just eng Form fir Äiswierfelen
(Häerzer- oder Stäreform) an
eng Wick (dat kënnen och
al Wickerschter sinn). Am
beschte geet et mat enger
Form aus Silikon, mee wann dir

eng fest Äiswierfelform hutt,
musst dir just beim Eraushuele
vun de Käerzen d'Form eng
Kéier kuerz a waarmt Waasser
halen.

Dir schmëlzt d'Käerzereschter
wéi virdrun, leet e klengt Sté-
ck Wick an all Form a schëtt
de Wuess dran, andeems dir
d'Wick an d'Mëtt maacht. No
dem Ofkille kënnt dir déi kleng
Schwammkäerzen aus der
Form huelen a se schwamme
loossen!